**<u>Gemeng Rammerich</u>**

# Gemengerotssëtzung vum 2. Mäerz 2023

## Dagesuerdnung:

1. Deliberatioun iwwer d’Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.
2. Deliberatioun iwwer d’Gemengereglement fir de Bëschkierfecht deen am “Weierbësch” tëschent Flatzbuer an Houltz ugeluecht ginn ass.
3. Iwwerschaffe vum Taxereglement iwwer d’Konzessiounen op de Kierfechter.
4. Iwwerschaffe vum Reglement dat d’Tariffer fir d’Aushiewe vun de Griewer an d’Bäisetzung vun Urnen op de Kierfechter festleet.
5. Konkordant Deliberatioun iwwer d’Unhuele vun der Konventioun LEADER 2023-2029 “Wëlle Westen”.
6. Iwwerschaffe vun der Deliberatioun wat d’Festleeë vun de Fonctionnements-Subside fir Gesellschaften a Veräiner a verschidde Cotisatiounen ugeet.
7. Iwwerschaffe vun der Deliberatioun wat d’Festleeë vun de Subside fir d’Uschafe vu Galauniformen ugeet.
8. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun Zousätz zu de Konventioune fir d’ SEA 2022 (Services d’Éducation et d’Accueil).
9. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.
10. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun engem notariellen Akt.
11. Äntwerten op d’Froen un de Schäfferot.

## Un der Sëtzung huelen deel:

Antoine Rodesch (Buergermeeschter, CSV), Myriam Binck (Schäffin, CSV), Mike Bolmer (Schäffen, CSV),

Michelle Brickler (DP), Sascha Hengen (LSAP), Marie-Louise Kettel (LSAP), Sonja Kettmann (CSV), Frank Melchior (CSV), Myriam Picard (LSAP), Pierre Pletschette (CSV), Romain Rausch (DP).

Entschëllegt: ./.

Gemengesekretär: Marc Pletgen, Redakter: Conny Wantz

## Rapport vun der Sëtzung:

De Buergermeeschter Antoine Rodesch (CSV) deelt mat, datt dräi zousätzlech Punkten, an zwar dringend Verkéiersreglementer, als Dagesuerdnungspunkten 11, 12 an 13 derbäi kommen.

## 1. Deliberatioun iwwer d'Opdeele vu verschiddene Kadasterparzelle fir se kënnen ze bebauen.

Zu dësem Punkt, den automatesch op d'Dagesuerdnung gesat gëtt, leit de Moment näischt vir.

## 2. Deliberatioun iwwer d'Gemengereglement fir de Bëschkierfecht deen am "Weierbësch" tëschent Flatzbuer an Houltz ugeluecht ginn ass.

D'Gemengereglement iwwer d'Bäisetze resp. Verstreeë vun den Äsche vun de Verstuerwenen um Bëschkierfecht am "Weierbësch" gesäit e. a. vir, dat pro Bam aacht Konzessioune méiglech sinn. D'Konzessioune si 15 Joer gëlteg a kënnen ëm 15 Joer verlängert ginn. D'Verstreeë vun den Äschen ass op enger speziell heifir ugeluechter Plaz am Bësch méiglech. Weider gesäit d'Reglement d'Konditiounen an den Oflaf vun de Bäisetzunge vir.

Dëst Reglement gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 3. Iwwerschaffe vum Taxereglement iwwer d'Konzessiounen op de Kierfechter.

D'Taxereglement iwwer d'Kierfechts-Konzessiounen an der Gemeng Rammerich gëtt esou ëmgeännert, datt d'Konzessioune fir Griewer a Plazen am Columbarium jeeweils 30 Joer gëllen an och fir weider 30 Joer kënne verlängert ginn, wärend d'Konzessiounen um Bëschkierfecht op 15 Joer mat enger Verlängerung vu 15 Joer gëllen. De Präis fir eng Concessioun um Bëschkierfecht gët op 150 € festgeluecht, déi aaner Präisser gi bäibehaalen.

Och kënnen op de Kierfechter an an de Columbarie Verstuerwener vun Auswäerts bäigesat ginn, wärend de Bëschkierfecht nëmme fir Leit aus der Gemeng virgesinn ass.

Domat sinn all Conseilleren d'Accord.

## 4. Iwwerschaffe vum Reglement dat d'Tariffer fir d'Aushiewe vun de Griewer an d'Bäisetzung vun Urnen op de Kierfechter festleet.

D’Tariffer fir d’Aushiewe vun de Griewer op de Kierfechter vun der Gemeng Rammerich bleiwe bei 300 € fir d’Begriefnesser vun engem Sarg an op 125 € fir d’Bäisetze vun enger Urn.

Um Bëschkierfecht “Weierbësch” ass den Tarif fir d’Bäisetze vun den Äschen, grad ewéi och fir d’Verstreeë vun den Äschen op jeeweils 150 € festgeluecht ginn. An deem Präis ass d’Fabrikatioun an d’Ubrénge vun enger Erënnerungsplack un de Verstuerwenen abegraff.

Dës Tariffer ginn eestëmmeg ugeholl.

## 5. Konkordant Deliberatioun iwwer d’Unhuele vun der Konventioun LEADER 2023-2029 “Wëlle Westen”.

Déi ugepassten Deliberatioun iwwer d’Unhuele vun der Konventioun LEADER 2023-2029 “Wëlle Westen” betrëfft d’Originalversioun vun dëser Konventioun, sou wéi se vun den 31 Gemengen an Organisatiounen, déi hei matmaachen, ënnerschriwwe ginn ass. D’Konventioun gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 6. Iwwerschaffe vun der Deliberatioun wat d’Festleeë vun de Fonctionnements-Subside fir Gesellschaften a Veräiner a verschidde Cotisatiounen ugeet.

An enger Aarbechtssëtzung sinn d’Fonctionnements-Subside fir d’lokal Gesellschaften a Veräiner nei festgeluecht ginn, an am Prinzip wéinst der Deierecht ëm 30 bis 40% ugehuewe ginn.

D’Basistariffer ginn op 600 € fir Gesangveräiner, 400 € fir Sportveräiner an 2.500 € fir Musekveräiner festgeluecht. Dobäi kënnen dës Veräiner bis zu 500 € zousätzlech fir hir Efforten an der Jugendaarbecht kréien.

Weider leet d’Gemeng 30% fir d’Dirigente resp. Trainer bäi bis zu engem Montant vun 3.000 € bei de Gesangveräiner a bis zu 6.000 € bei de Musek- a Sportveräiner.

Domat sinn all Conseilleren averstanen.

## 7. Iwwerschaffe vun der Deliberatioun wat d’Festleeë vun de Subside fir d’Uschafe vu Galauniformen ugeet.

De Subsid fir d’Uschafe vu Galauniforme gëtt nach just fir d’Musekveräiner ausbezuelt an zwar bis zu 50% vun der Gesamtrechnung, ouni datt den Uschafungspräis méi héich ass wéi 500 € pro Uniform an de Subsid gëtt nëmmen an engem Ofstand vun 10 Joer accordéiert, mat Ausnam vun Uniforme fir nei Memberen oder d’Ersetze vun Uniformen.

Fir all aner Veräiner leit de Subsid bei 50% vun der Gesamtrechnung, ouni datt de Präis fir eng Tenue méi héich dierf si wéi 100 €. Dëse Subsid gëtt

nëmmen an engem Intervall vu mindestens 2 Joer tëschent zwou Rechnungen accordéiert.

Dës Bäihëllef gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 8. Deliberatioun iwwer d'Geneemegung vun Zousätz zu de Konventioune fir d’SEA 2022 (Services d’Éducation et d’Accueil).

D’Zousätz zu de Konventioune mam Unterrichtsministère fir d’SEA (Crèche a Maison Relais) fir d’Joer 2022, déi all Joer erneiert ginn, ginn eestëmmeg ugeholl.

## 9. Deliberatioun iwwer d'Confirmatioun vu verschiddenen zäitlech begrenzten dréngende Verkéiersreglementer.

Eestëmmeg gëtt en zäitlech begrenzt dréngend Verkéiersreglement wéinst Aarbechten an der Route de Perlé zu Wolwen fir d’Zäit tëschent dem 27. Februar an dem 3. Mäerz 2023 nodréiglech confirméiert.

## 10. Deliberatioun iwwer d’Geneemegung vun engem notariellen Akt.

Mat engem notariellen Akt gëtt de Verkaf vun enger Parzell vun 0,74 Ar zu Kietscht an der Route d’Ettelbruck festgehalen, déi d’Gemeng Rammerich dem Här Tom Jungblut a sénger Fra Simone Schmitt fir 7.400 € verkeeft.

Dësen Akt gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 11. Deliberatioun iwwer een dringend Verkéiersreglement (Roumicht).

Eestëmmeg gëtt en zäitlech begrenzt dréngend Verkéiersreglement wéinst Aarbechten an der Route de Bigonville zu Roumecht fir d’Zäit vum 6. bis 10. Mäerz 2023 décidéiert.

## 12. Deliberatioun iwwer een dringend Verkéiersreglement (Bungeref).

En zäitlech begrenzt dréngend Verkéiersreglement an der Rue du Bois zu Bungeref tëschent dem 3. an dem 13. Mäerz 2023 gëtt eestëmmeg ugeholl.

## 13. Deliberatioun iwwer een dringend Verkéiersreglement (Houltz).

Um Houltz gëtt d'Rue Principale tëschent der Rue du Village an dem CR312 a Richtung Flatzbour vum 6. Mäerz 2023 bis zum Enn vun den Aarbechten a béid Richtunge fir all Trafic gespaart. Och daat zäitlech begrenzt dréngend Verkéiersreglement gëtt unanime gestëmmt.

## 14. Äntwerten op d'Froen un de Schäfferot.

Op d'Fro vun den LSAP-Conseilleren iwwer d'Méiglechkeet, am "Super-Wal-Joer 2023" Informatiounsstänn vun de lokale politesche Parteien um Fierkelsmaart zu Rammerich opzestellen, schléit de Buergermeeschter Antoine Rodesch vir, datt entweder all Parteien oder guer keng do sollten optrieden. No längerer Diskussioun gëtt eestëmmeg decidéiert, datt keng Partei e Stand op dem Maart opriicht, an awer och keen anere Stand fir deen Zweck mëssbraucht.

Zu enger zweeter Fro vun deene selwechte Conseilleren iwwer den Organigramm vum Personal aus dem technesche Gemengendéngscht deelt de Buergermeeschter Antoine Rodesch mat, datt dësen Organigramm ausgeschafft ass, mee déi zoustänneg Persoun aktuell am Congé ass, esou dass daat Dokument verschéckt gëtt esoubal sie erëm do ass.